pétange
MOTIVATION COMMUNE

# MENG GEMENG

**LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE**

Februar / Mäerz 2021


Liichtmëssdag, ëmmer nees en Erliefnis fir d'Kanner

Léiwer Härgottsblieschen,
Gitt ons Speck an Ierbessen
Ee Pond, zwee Pond,
Dat anert Joer da gitt der gesond,
Da gitt der gesond.
Loosst déi jonk Leit liewen
An déi al derniewent
Kommt der net bal,
D'Féiss ginn ons kal.
Kommt Der net gläich,
Da gi mer op d'Schläich.
Kommt der net geschwënn,
D'Féiss ginn ons dënn.
Kommt Der net gewëss,
Da kritt Der e Schouss voll Nëss.

Vum Nik Welter (1929)



4

# PLAN PLURIANNUEL - INVESTÉIERE FIR D'ZUKUNFT

*De 4. Juni 2018 gouf de „Plan pluriannuel 2018-2023“ am Péitenger Gemengerot festgehalen an domat beschloss, datt am Laf vu 5 Joer ronn 178 Milliounen Euro fir d'Bierger investéiert solle ginn. Dëse Plang setzt sech aus enger ganzer Panoplie vu Projeten zesummen...*



10

# PIKO ATTENTION CHANTIER !

*Depuis la fin 2020, les travaux de modernisation et de réaménagement du PiKo à Rodange ont bien avancé. Un coup d'œil derrière les coulisses du chantier impressionnant, et il est difficile de s'imaginer encore les anciens bassins…*

## > Impressum


**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 23 / L-4701 Pétange
Tél.: 50 12 51-1000
Fax: 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Réalisation :**
Espace-Médias S.A.

**Comité de rédaction :**
Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos:**
Service Culture et Communications de la commune de Pétange, Seniorie St Joseph, Résidence Ronnwiss , SIACH

**Imprimeur :**
Imprimerie Heintz, Pétange

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Février/Mars 2021

ISSN 1993-0070


SOMMAIRE


| | |
|---|---|
| 2 | ***Haaptthemen*** |
| 3 | ***Editorial*** |
| 4-9 | ***Plan pluriannuel 2018-2023 – Investéiere fir d'Zukunft*** |
| 10-11 | ***« PiKo » Attention chantier !*** |
| 12 | ***Agenda*** |
| 13-14 | ***Wat war lass ?*** |
| 15 | ***D'Gemeng informéiert*** |
| 16 | ***Distribution des sacs bleus Valorlux*** |

# DÉI PÉITENGER GEMENGEFINANZEN

## OCH A SCHWÉIEREN ZÄITE WEIDERHIN A GUDDEM ZOUSTAND!




*Dës wäitsiichteg Finanzpolitik erlaabt e Budget 2021, deen an der Kontinuitéit vun deene leschte Jore läit.*

Datt déi aktuell Corona-Krise nieft dem sanitären Aspekt och e grousse wirtschaftlechen Impakt wäert hunn ass gewosst.

Mä och d'Gemengefinanze wäerten net ongeschueren dovukommen. Esou geet aus enger Circulaire vum Inneministère ervir, datt déi staatlech Finanzsprëtz fir d'Gemengen an deenen nächste Joren däitlech zeréckgoe wäert.

An esou schwéieren Zäite weist sech op en neits, wéi wichteg a richteg déi virsiichteg Finanzpolitik an deene leschten 20 Joer an eiser Gemeng war. Nëmmen eng laangfristeg Finanzplanung erlaabt et, eisen ambitiéisen Investitiounsprogramm vum 4. Juni 2018 ouni Aschränkunge weiderzeféieren an dobäi net brauchen op iwwerdriwwen Emprunten zeréckzegräifen.

Dës wäitsiichteg Finanzpolitik erlaabt e Budget 2021, deen an der Kontinuitéit vun deene leschte Jore läit an ënner anerem dës exzellent Eckdaten opzeweisen huet:

- En **Iwwerschoss** vun 21,5 Milliounen € am ordinären Deel trotz zolitten Aboussen am „Fonds de dotation globale des communes"
- **Investitiounen op** engem **Rekordniveau** mat 63,9 Milliounen € an domat 53,9% iwwer den extraordinären Ausgabe vum leschte Joer.
- **D'Gemengeschold, déi weider erofgeet**, an zwar ëm 1,36 Milliounen €, an déi Enn 2021 bei 4,6 Milliounen € leie wäert.
- **D'Reserven**, déi mat 11,6 Milliounen € **däitlech iwwer der Gemengeschold leien**, an dat trotz groussen Investitiounen déi dëst Joer ustinn.
- Mat engem erwaarte **„Boni définitif" vu 4,3 Milliounen € Enn 2021** a mat engem „Fonds de réserve Pacte Logement" vu 7,3 Milliounen € Enn 2021 huet d'Péitenger Gemeng net nëmmen nach ëmmer e finanzielle Sputt fir de Finanzement vun hirem Investitiounsprogramm an dëser Mandaatsperiod ze garantéieren, mee bleift doriwwer eraus weiderhi bis Enn 2021 **mat enger Netto-Reserve** – dat heescht „Réserve financière – Dette communale" – **vu 7 Milliounen € de facto scholdefräi.**

Et ass awer grad esou kloer, dass spéitstens d'nächst Joer - op Grond vun de ganz ville Projeten - dës Situatioun am Budget 2022 ännere wäert, an eis Gemeng da méi wéi sécher op en Emprunt zeréckgräife muss fir hir weider Investitiounen ze finanzéieren.

**De Schäfferot**

# PLAN PLURIANNUEL 2018-2023 - INVESTÉIERE FIR D'ZUKUNFT

*De 4. Juni 2018 gouf de „Plan pluriannuel 2018-2023“ am Péitenger Gemengerot festgehalen an domat beschloss, datt am Laf vu 5 Joer ronn 178 Milliounen Euro fir d'Bierger investéiert solle ginn. Dëse Plang setzt sech aus enger ganzer Panoplie vu Projeten zesummen, déi a 7 Kategorien oder Kapitelen agedeelt sinn.*
*Bis Enn 2021 gi viraussichtlech vun deene Sue schonn 131.400.000€ agesat. An dat trotz Corona-Kris, déi d'Welt esou zimlech op d'Kopp gestallt huet zënter quasi engem Joer. E Bléck op all déi Realisatiounen, déi an der Péitenger Gemeng ëmgesat solle gi weist, datt um Enn nach méi investéiert gëtt ewéi dat 2018 festgehale gouf, an zwar am ganzen 217 Milliounen Euro (c.f. Tableau). Hei e klengen Iwwerbléck am Wuert an am Bild, wat an deene verschidde Kapitele virgesinn ass.*
*Finanzéiert gëtt dëse „Plan pluriannuel 2018-2023“ och duerch d'Reserven aus der leschter Mandaatsperiod, duerch d'„Dotation“ vum „Pacte Logement“ an och en Deel duerch d'Emprunten.*



*E modernen an helle Schoulkomplex fir Rodange*

| Plan pluriannuel 2018 - 2023 | | | |
|---|---|---|---|
| | **Plan pluriannuel 2018 - 2023 arrêté le 4 juin 2018** | **Projets prévus d'être réalisés entre 2018 - 2021** | **Plan pluriannuel 2018 - 2023 final estimé** |
| Enseignement fondamental, maison-relais et crèches | 26 000 000 | 17 000 000 | 46 000 000 |
| Culture, Sport, Loisirs, Jeunesse, Tourisme | 35 300 000 | 38 200 000 | 66 000 000 |
| *dont culture* | | *15 900 000* | *28 000 000* |
| *dont sport* | | *10 900 000* | *16 000 000* |
| *dont loisirs, jeunesse, toiurisme* | | *11 400 000* | *22 000 000* |
| Bâtiments administratifs et logements sociaux | 24 600 000 | 24 400 000 | 25 000 000 |
| Infrastructures routières, places et réseaux | 66 000 000 | 32 500 000 | 50 000 000 |
| Syndicats intercommunaux | 6 000 000 | 6 400 000 | 10 000 000 |
| Urbanisation et lotissements | 8 300 000 | 3 200 000 | 7 000 000 |
| Divers | 11 800 000 | 9 700 000 | 13 000 000 |
| **Totaux** | **178 000 000** | **131 400 000** | **217 000 000** |

Extrait : Mellina Pierre



*Am Bau: d'Schoul an d'Maison Relais zu Lamadelaine*

**„Enseignement fondamental, Maisons Relais et Crèches" –** bannent 6 Joer sinn Investissementer an enger Héicht vu 26 Milliounen Euro geplangt. Bis ewell si scho ronn 17 Milliounen investéiert ginn, a bis 2023 soll de Gesamtinvest am ganze mat 46 Milliounen Euro zu Buch schloen. Heirënner falen d'Konstruktioun vun der neier Maison Relais an der Spillschoul zu Lamadelaine, awer och de Projet vun der neier Maison Relais zu Péiteng esouwéi den Ausbau vun der Eigent-Schoul, wou eng ganz Rei nei Klassesäll entstinn.

Och zu Rodange – tëscht der Päsch-Schoul (Meederchersschoul) an der rue Nic. Biever – gëtt en neie Schoulkomplex mat enger Maison Relais, enger Sportshal esouwéi engem ënnerierdesche Parking gebaut. D'Aarbechte sollen hei 2022 ufänken.

An der Tëschenzäit goufen d'Schoulhäff an der Gemeng erneiert. D'lescht Joer krut och deen ënneschten Haff vun der Park-Schoul zu Péiteng e ganzt neit Gesiicht, wou d'Kanner sech elo austobe kënnen.




*Direkt un der fuerweger Fassade z'erkennen: d'Maison Relais zu Péiteng*



*Rodange kritt e richtege Schoulkomplex*



*Park-Schoul zu Péiteng: e Schoulhaff fir sech auszetoben*


*De Rodanger Fussballsterrain kritt eng modern Tribün mat adäquate Vestiairen*

**„Culture, sport, Loisirs, Jeunesse, Tourisme“ –** an dësem Beräich klammen déi ursprénglech Ausgabe vu 35,3 Milliounen Euro op geschate 66 Milliounen Euro.
Wat d'Kultur ugeet, esou steet natierlech de Bau vun der neier Musiksschoul am Mëttelpunkt. E Gebai, dat nieft de Proufsäll och nach e grousse Concertssall esouwéi en ënnerierdesche Parking wäert kréien. Eleng fir dëse Projet louch den Devis bei 26 Milliounen Euro.
Am Sportsberäich stieche virun allem déi nei Tribün an d'Sécherung vun de Gradine vum Stade Jos. Philippart grad esou ewéi dat ugrenzend Parkhaus an der rue Jos Moscardo zu Rodange ervir iwwerdeems zu Rolleng am Fräizäitzenter den Dëschtennissall komplett iwwerholl a vergréissert gouf.
Vun Enn 2020 un ass och déi Rodanger Schwämm PiKo zou, well hei Erneierungs- a Renovatiounsaarbechte musse gemaach ginn (cf. Säiten 10-11).
Nieft dëse méi grousse Aarbechte soll awer och ervirgehuewe ginn, datt d'Tennisterrainen op der Lénger Strooss erneiert ginn an eng nei LED Beliichtung op den Terrain 2 vum Péitenger Fussballsterrain ageriicht gëtt.
Wat d'Sportshalen ugeet, esou wäert och de QT astand gehale gi fir 350.000€.

Ënner **„Bâtiments administratifs et logements sociaux“** stieche besonnesch zwou Saachen eraus: d'Haus bei der Kor an d'Gemengenatelieren. Am Ganze gesäit déi Péitenger Gemeng hei Investissementer vu 24,6 Milliounen Euro vir, déi awer elo scho quasi integral a Projete gestach goufen.
D'Haus bei der Kor, wou jo den Office social schonn eng Zäit erageplënnert ass, krut Gesellschaft an der Form vum Service „Urbanisation“, deen am Laf vun 2020 aus der rue du Parc erofgeplënnet ass.
Net wäit dovun ewech ginn an noer Zukunft d'Gemengenatelieren installéiert. D'Gebaier stinn, wat feelt sinn nach all déi kleng Aarbechte ronderëm ewéi déi baussecht Anlagen, déi nach fir d'Zesummeleeë vun de Regiebetriber op dësem Site mussen an d'Rei gemaach ginn.


*An den Ateliere ginn d'Regiebetriber zentraliséiert*


*D'Haus bei der Kor gouf vergréissert*



*Zukunftsmusik : déi nei Musiksschoul zu Péiteng gëtt en „Hingucker“*




*D'Gemengeplaz zu Péiteng soll méi aluedend ginn*

Och am Beräich **„Infrastructures routières, places et réseaux"** deet sech esou munches op Gemengenniveau. Bis Enn 2021 soll knapp d'Halschent vun den Investissementer, d.h. 66 Milliounen Euro, déi bis 2023 virgesi waren, scho verschafft sinn.

Zënter méi wéi 3 Joer sinn d'Ëmbauaarbechten am Zentrum vu Rodange amgaangen, an et kennt een d'Duerf bal net méi erëm. Nieft neiem Wunn-, Geschäfts- a Parkraum gouf hei eng verkéiersberouegt Zon geschafen, wou de Parvis virun der Kierch zesumme mat dem Paschtoueschhaff soll zu enger Plaz ginn, wou een sech gesäit an och e puer Momenter verbrénge kann.

Gréisser Schantercher goufen et an der rue Adolphe zu Rodange a Péiteng esouwéi an der Bommertstrooss, wou nach ëmmer geschafft gëtt a wou nieft dem Ënnerbau och de Belag op Vordermann bruecht gouf.

A virun der Gemeng gëtt déi ganz J.F. Kennedy-Plaz erneiert an och esou erweidert, datt se mam Park Th. Kirsch verschmëlzt.



*Am Zentrum vu Rodange stinn d'Awunner an d'Foussgänger am Mëttelpunkt*




*A ville Stroossen (hei an der rue Adolphe zu Rodange) goufen d'Infrastrukturen esouwéi de Belag erneiert*



*De SIACH schaaft mat dësem Bauprojet d'Grondlag fir en optimale Fonctionnement....*

Wee **„Syndicats intercommunaux"** seet, deen denkt bei Péiteng direkt un de SIACH, un d'Kläranlag, déi net ophält ze wuessen. Vun deene 6,37 Milliounen Euro, déi hei sollten iwwer d'Period 2018-2023 investéiert ginn, ass no 4 Joer näischt méi Rescht an et muss een éischter vun enger Totalzomm vun 10 Milliounen Euro Investissementer hei ausgoen - dat ass d'Partizipatioun vun der Gemeng Péiteng eleng.

Firwat dësen héichen Invest? Eis Kläranlag gëtt ausgebaut fir 115.000 Awunner Gläichwerter. Nieft der Erweiderung vum Schneckepompwierk, dem Sandfang an de Beliewungsbecken sinn och nach en zousätzlecht Noklärbecken ewéi e Schlammlagergebai inklusiv De-Amonifikatioun an eng Vergréisserung vum administrative Bau an dësem Projet virgesinn. Doriwwer eraus soll an Zukunft nach eng 4. Rengegungsstuf (Mikroschuedstoffeliminatioun) hei funktionéieren. Dës Aarbechten, wou sech déi 4 Membersgemenge Péiteng, Käerjeng, Déifferdeng a Suessem esouwéi den Ëmweltministère un de Käschte bedeelegen, sollen 2024 fäerdeg sinn.



*... an dat am ganze Kordall*



*Neiwiss 2, e gringe Projet entsteet zu Rodange*

Lamadelaine a Rodange sti ganz uewen am Kapitel **„Urbanisation et lotissements“,** wou net zulescht mat der neier Cité „An Atzengen“ eng ganz Rei Familjje mat Kanner hir Chance kruten, zu Rolleng en Haus ze kafen. Donieft goufen och Residenzen opgeriicht, wou Wunnenge verkaf respektiv verlount sinn. Dat an Zesummenaarbecht mat der SNHBM.
Zu Rodange ass en neit Lotissement – A Stackem (Neiwiss 2) – geplangt, wat tëscht der Lonkecherstrooss an der aktueller Cité Neiwiss soll entstoen. 36 Eefamilljenhaiser a 4 Appartementer sinn hei geplangt, wou de Verkéier begrenzt ass an d'Gréngflächen, besonnesch déi indigen Planzen, am Fokus stinn.
Wann hei Investissementer vun 8,3 Milliounen Euro tëscht 2018 an 2023 virgesi waren, esou wäerten dat bis 2021 ronn 3,22 Millioune sinn. Schlussendlech bleift d'Gemeng awer ënner dem initialen Investissement mat 7 Milliounen Euro.



*„An Atzengen“, en neie Wunnquartier zu Rolleng*



*De Fuhrpark gouf moderniséiert*

Et bleift dann nach d'Kapitel **„Divers“,** wou 11,8 Milliounen Euro un Investitioune festgeluecht goufen, et um Enn awer 13 Millioune wäerte ginn. Ervirzehiewen ass hei sécherlech de Kaf vun engem neie Schnéiplou mee och vun engem neie Müllauto, wat ronn 2,2 Milliounen Euro kascht huet.
Mam Kaf vum Bauerenhaff an der Burgaass gëtt och d'Fondatioun vun engem méi liewegen Zentrum vu Lamadelaine geluecht. Am Joer 2021 soll hei mat den Etüdë fir dësen urbanistesche Projet ugefaange ginn.



*Den Zentrum vu Rolleng gëtt nei gemaach*

# « PIKO »

*Depuis la fin 2020, les travaux de modernisation*
*avancé. Un coup d'œil derrière les coulisses du chantier*
*les anciens bassins et toutes les différentes parties du*
*de ce site. Voici donc un petit aperçu des travaux en*



L'ancien bassin pour nageurs et non-nageurs est démonté afin de faire place à un nouvel agencement de l'espace proprement aquatique. Ainsi, le grand bassin nageurs sera doté d'une ligne supplémentaire.

L'espace pour les maîtres-nageurs sera agrandi afin d'y installer des vestiares à l'arrière de la cellule de survellance. Une infirmerie sera installée juste à côté avec accès direct vers l'extérieur pour faciliter les interventions des secours.







Le nombre de vestaires pour visiteurs sera augmenté grâce à la disparition de l'espace sauna. Ici, quatre nouveaux vestiaires pour groupes seront aménagés. Ensemble avec les vestiaires existants, les capacités seront triplés.



Au sous-sol, il y a également du pain sur la planche puisque toutes les installations techniques devront être révisées en profondeur ou remplacées. De même pour les locaux techniques qui seront renouvelés de fond en comble.

« La pataugeoire pour les plus petits amateurs de la nage doublera en espace afin d'accueillir bon nombre de bambins qui pourront s'y défouler à fond en compagnie de leurs parents. »



« Un agrandissement aura lieu aussi au niveau du bar et de la petite restauration où il y aura deux comptoirs ainsi qu'un nombre plus élevé de places assises pour les clients. »



« Le toboggan restera en place. Cependant, à la sortie du tunnel, les utilisateurs seront plongés dans un bassin à part, ne dérangeant ainsi nullement les visiteurs dans le bassin adjacent. »



# ATTENTION CHANTIER !

*et de réaménagement du PiKo à Rodange ont bien impressionnant, et il est difficile de s'imaginer encore bâtiment dans leur pristin état des débuts de l'aventure cours et qui dureront jusqu'en 2022.*



« Pour le plaisir de l'eau chaude, 2 «whirlpools» seront à disposition des visiteurs. Ainsi, il y aura toujours un jacuzzi en service lorsque le deuxième est en phase de régénération afin de garantir une hygiène parfaite et un bon fonctionnement. »



« Et bien sûr, le toit ouvrant sera contrôlé en même temps afin de garantir d'un côté la sécurité dans l'enceinte de la piscine et d'un autre côté une fonctionnalité sans faille lors des mois les plus chauds de la saison. »

## 3/2 an 3/3
### Marché mensuel
Pétange – place du Marché
De 8h00 à 13h00
Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl

## PABEIERSAMMLUNG



Vu moies fréi bis nomëttes
Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!
D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!
**Den 6.2. an de 6.3. zu Péiteng**
**Den 27.2. a 27.3. zu Rodange**
**an zu Lamadelaine**
Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng a vu Rodange/Lamadelaine

## BICHERBUS 1.3.2021

Péiteng beim Schoulgebai *An Éigent*
rue Mathias Adam
Vun 10.45 bis 11.35 Auer

Rodange bei der *Sportshal*
rue Jos. Moscardo
Vun 13.15 bis 14.15 Auer




Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail **(bicherbus@bnl.etat.lu)**
Um Internet ënner:
**https://cutt.ly/ewKPTuE**
Org.: Kulturministère

## 27/3
### Fréijoersfest
Rodange – Kulturzenter
Vu 14.30 bis 18:00 Auer
Fräien Entrée
Org.: Coin de Terre et du Foyer Rodange

## 27/3
### Fréijoersbotz
Wéinst der aktueller Situatioun ass et net méiglech, mat Sécherheet ze soen, ob dës Manifestatioun och stattfënnt. Wann d'Fréijoersbotz kann organiséiert ginn, da fannt Dir am Virfeld d'Detailer op dem Internetsite an op der Facebook-Säit vun der Gemeng Péiteng esouwéi um Info-Kanal.
D'Gemeng seet elo scho Merci fir Äre Versteesdemech.

### Programm RPL TV
Emissiounen ab dem **15.2.2021**
- Begréissung vum 20.000. Awunner
- Virstellung vun der Geschäftswelt
- Geschicht vum Haus „an der Uecht"
- Virstellung vun de Geschichtsfrënn
- E Réckbléck op d'Kapesëtzunge vum KaGePe

Dës Emissioune sinn och op Apart TV ze gesinn, an dat um Kanal 82 vu Post TV an am Netz vun der Eltrona.

## CLUB SENIOR PRËNZEBIERG

**27-29, rue Michel Rodange**
**zu Déifferdeng**
**Tel.: 26 58 06 60**
**e-mail: info.prenzebierg@differdange.lu**
**Kontaktpersoun: Geneviève FABER**
**Viremente fir Evenementer**
**op de Konto CCPLULL –**
**IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**
**www.clubprenzebierg.lu**

**! Opgepasst: wéinst dem COVID-19 gi vill Evenementer ofgesot. Bezuelt dofir eréischt wann dir d'Rechung kritt hutt, an dat, nodeems eng Manifestatioun laanscht ass !**

## 8/2
### Cuisine du monde
Virbereedung vu Spezialitéiten aus Indien a Madagaskar
Um wéivill Auer? 17 Auer
Wou? Am Clubhaus
Aschreiwunge bis den 30. Januar 21
Präis: 14 € ouni Gedrénks
**Ref. A20210FB1**

## 16/2
### Virtrag zum Thema Demenz
Informatiounen an Erklärunge vum Alain Tapp vun der ALA (Association Luxembourg Alzheimer)
Info-Owend op Lëtzebuergesch
Ufank: 18.30 Auer
Wou? Am Clubhaus
Fräien Entrée
**Ref. A20210AC2**

## 23/2
### „Lieweg Iddie fir eng lieweg Bezéiung – an alle Liewenslagen"
Zil vum Owend: „méi friddlech, méi konstruktiv a méi glécklech an der Bezéiung"
Ufank: 18.30 Auer
Wou? Am Clubhaus
Präis: 5 €
**Ref. A20210BD1**

## 25/2
### Red Rock Climbing
De Club Senior geet an d'Héicht...
awer just zu Zolwer an der Kloterhal
Schnuppercours a Kloterpartie mat professioneller Ënnerstëtzung
Viraussëtzung: e bëssi a Form sinn
R.d.v. um 9.30 Auer um Parking Plateau des Hauts Fourneau oder um 9.50 Auer virun der Kloterhal
Präis: 28 € (Entrée, Material a Guide)
**Ref. A20210DA1**

## 16/3
### Eis Epicerie
Fokus: Verloscht vu Liewensraum a Liewensmëttelverschwendung
Virtrag a Rotschléi fir den Alldag
R.d.v. um 10.40 Auer um Parking Plateau des Hauts Fourneaux oder um 11 Auer zu Zolwer an der Epicerie
Präis: 10,50 € (Menu du jour), Gedrénks ass extra
**Ref. A20210CD1**



18.12.2020 – C'est quelques jours avant Noël que l'ambassadeur de la République d'Arménie à Luxembourg, Tigran Balayan, en compagnie du consul honoraire Tatevik Manukyan, s'était déplacé à Pétange pour une visite de courtoisie à la mairie de Pétange où la délégation fut accueillie par le bourgmestre ainsi que les échevins.



Dezember 2020 – Esou just virun der Chrëschtvakanz goung et an der Maison Relais „Bei de Bujellien" zu Rodange héich hir, well un de Chrëschtkoarte fir d'Leit an der Seniorie gebastelt gouf. Eng Iwwerraschung, déi bei de Pensionäre groussen Uklang fonnt huet, och wann si hir Freed net perséinlech mat de Kanner konnten deelen. Et huet awer esou munch A laache gelooss. E klenge Liichtbléck a COVDI-19-Zäiten.












*4.1.2021 – Nach ëmmer huet de COVID-19 d'Liewen hei zu Lëtzebuerg zimlech fest am Gréff. Dat huet de Schäfferot awer net ofgehalen, de Pensionären aus der Seniorie vu Péiteng an aus der Ronnwiss zu Rodange e schéine Kaddo ze schécken, deen an deenen zwee Haiser ausgedeelt gouf. E schéinen Neijoersgrouss, wann och net zesummen konnt op dat neit Joer ugestouss ginn. Mee „aufgeschoben ist nicht aufgehoben"...*

# HIERKEN

**ofzehuelen* um Parking vum Centre de Loisirs L-4875 Lamadelaine (Liwwerung ass méiglech)**

## MOOL ANESCHT

**de 27.02.2021 ab 11h30**



**Hierken, Gromperen an Äppeltaart**

**18 Euro**

**De Kach vum Dag:**

**Roland BREYER**

**Umeldung bis den 14.02.2021 beim Mim Rommes um**

**661 88 53 97**

**(och per SMS )**

* am Respekt vu sämtlechen sanitären Mesuren

## > *Vente de bois de chauffage*

La Commune de Pétange met en vente du bois de chauffage (Maximum 1 corde par ménage) au prix de :

½ corde (1stère) : 42,84 € TTC
1 corde (2 stères) : 85,68 € TTC

Prix de la livraison : 25 € par corde
Prix de la coupe : 25 € par corde

Le bois proposé provient des forêts étatiques et ne se limite pas seulement au bois de hêtre, mais est composé en partie d'autres feuillus comme l'érable ou encore le frêne etc.

Contact : Service Environnement de la commune de Pétange, tél. 50 12 51-2030/2031/2032/2033










# DISTRIBUTION DES SACS BLEUS VALORLUX



Afin d'éviter un afflux important de citoyens à l'administration communale de Pétange, le collège échevinal a décidé d'organiser une distribution des sacs bleus dans les trois localités de la commune. Les coupons envoyés pendant la première semaine de février pourront être retirés aux endroits et heures indiqués ci-dessus. Attention ! Les sacs bleus sont distribués uniquement contre la remise des coupons délivrés par l'administration communale.

Rodange : du 8 au 12 février entre 8h30 et 17h30
à la caisse du FC Rodange 91 situé rue Jos. Moscardo

Lamadelaine : du 22 au 26 février entre 8h30 et 17h30
au moulin de Lamadelaine, rue du Vieux Moulin

Pétange : du 15 au 19 février entre 8h30 et 17h30
à la Maison de la Culture « A Rousen », place du Marché

